

LETZEBURGER ALLERLÉ. — No. 7.

D'Vadronser

E Stéck aus dem Lewen an engem Akt

vum

NIK WELTER.



Preis: 1,25 Fr.



Komplett: 12,50 Fr.

LETZEBURG

Égentom vun der Drückerei Linden & Hansen

1918



PERSO'NEN.

Franz Weber.

Re'si, seng Fra.

Änni, hir sechsjäreg Diechterechen.


Neufer, e reichen Här.

D'Stëck spillt un der Uewersauer, net weit vum
Burfelt, an enger armer Heip, op Neklosowend.



Eng Opfe'erond o'ni schrifftleeh Erlabnes vum Ver-
lag fällt önner d'gesetzlech Strofen.





1. Optrött.

Re'si, Änni.

(Änni sätzt um Holzstack an äbt de Rescht vum enger scharzer Kûscht. Re'si bei der Kachmaschin dêt d'Gromperen an.)

Re'si. Do . . . Haut den Owend erhingere mer nach nit. Awer vu fett ginn aß och nach keng Red. Wann et nach lâng so' viru gêt . . . ! (*Mit engem Blêck op dat Klengt.*) O du aremt Kand !

Änni (*reift d'Hänn um Schirteg of*). Mami, lo sinn ech sat. Ech wëll keng Grompere me'.

Re'si. Du mengt aremt bravt Schof! Dei Mo gëtt och all Dag me' kleng. Wen hätt virun drei Me'nd so' eppes denke können!

Änni. Kënnt de Nekleschen haut nit, Mami ?

Re'si. Dat ka nämmen dei Papp der soen. Den aß jo no Woltz. Wann de Papa de Neklesche bege'nt, da schéckt en en hier.

Änni. D'viregt Joer, dun hat ech mol Frêd op Neklosdag ! Do hat ech so' eng gro'ß Popp kritt, wëß de nach, Mami? De' gro'ß Popp mat dem Parzeleinskapp a mat dem brêde bloen Hutt ! Hätt dat dommt Käsesch Kätti mer se nämme nit fale geloß! Do huet de Parzeleinskäppche jo zersprange missen ! Mami, kre'en ech erëm so' eng Popp vum Nekleschen ?

Re'si (*stéppelt am Feier; hallef verleen*). Dat ka jo kë wësse we' dei Papp. Ech bege'nen dem hellege Neklos jo nit.

Änni. Zu Woltz do war et awer vill mo' sehe'n we' hei, Mami ! Gi mer nit me' hannescht op Woltz ?

Re'si. Dat verstês du nit. (*Si gêt bei d'Fënster, drëckt d'Gesicht ge'nt d'Scheiren a kuckt aus.*) Brr, schwarzkal muß et dobauße simp! D'Kielt fénkelt mam Schne' durch d'Deischtert. Wär dei Papp némmen hei!

Änni. Künnt de Pa . . (*gâpst*) . . pa bal?

Re'si. O jo gewëß. En aß jo de ganzen Dag schons fort.

Änni. Wann en némme nit ze lâng op den Neklesche warde muß!

Re'si (fir sech). Den hält de Verdroß erëm dobaußen. Den ârme Schellem! Vun engem zum anere lafen fir Arbecht an dann nach keng kre'en! (*Sie vergëßt sech am Ierger a set hârt*): O, de Neufer!

Änni (sprëngt op se duer). Künnt den Här Neufer haut. Mami?

Re'si (hallef be's). Dommt Kand, dat gêt dech neischt un. (*Sie kuckt nom Feier.*)

Änni. Den Här Neufer aß awer so' e gudde Mann gewieß! En huet mer me' we' eng Ke'er Kuch matbruecht, erënners de dech, an Zoekerbo'nen, we' mer nach zu Woltz . . .

Re'si (huet e Stëck Holz an d'Beile geholl; ënnerbrëcht.) Soll ech der soen, wat den Här Neufer aß? — E schlechte Mensch aß en, vum dem's de nit schwätzen darf. Dei Papa kann e glat nit leiden an deng Mami och nit. (*Sie fängt un, Holz kleng ze mâchen.*)

Änni. De gud . . (*gâpst*) . . den Här Neufer! An de sche'ne lânge groe Bart, den en hat! Ganz we' den Nekleschen op dem Bild an dengem Betbuch!

Re'si (hüt be's duer). E sauberen Hellegen, merci! Fe'er keng so' domm Reden! De Neufer mat dem sche'ne lânge groe Bart huet dei Papp a mech an dech, eis alleguer, an d'Onglëck bruecht, lo wëß d'et. (*Sie lett Holz no.*)

Änni. O, we' sinn ech so' schle'f . . (*gâpst*) . . reg!

Re'si. An du baß wirklech nit me' hongreg?

Änni. Nit hongreg, ném . . (*gâpst*) . . me schle'freg.

Re'si. Gleich gês d'an d'Nana. Loß mech der se nach gutt wierme virdrun. (*Sie greift op d'Maschin.*) D'Zill aß gutt wârm. (*Sie wöllt an d'Kummer.*)

Änni (*hält s'um Rack fest*). An de Neklesche, Mami?

Re'si. De künnt jo, wanns de schle'fs.

Änni. Awer ech muß dach mein Teller hisetzen an och eppes Frießen fir den Ieselchen.

Re'si. Richtig, dat musse mer. Daß ech dat och vergieße konnt! Ech wêß glat net me', wo' mer de Kapp stêt. Hei, huel de Gromperekueref. D'Schiele si schons dran. De' würden him gutt schmâchen.

Änni (*kuckt an de Kueref*). O Mami, du hues d'Gromperen awer dënn geschielt. (*D'Re'si lächt.*) Wann de' dem Ieselchen alt fei genug sinn!

Re'si. Do kanns de sécher sinn. Dem Neklesche sein Ieselchen aß besser gewint. An e muß eso' vill frießen, do ge'wen em de' graff Schielen schwe'er am Mo leien.

Änni (*stellt de Kuerf hannert d'Dir.*) So'! Do wärt en se scho fannen. Aß et och e richtigen Iesel, Mami?

Re'si. Natirlech, Mausi. E klenge, groen Ieselchen mat engem dëcke Kapp.

Änni. A mat so' lang (*sie hüpft d'Hand iwer de Kapp*) so' lang O'eren, gelt?

Re'si. Jo, jo. E richtigen Iesel. Zu Diekerech gëtt et keng me' le'f. (*Si lächt.*)

Änni (*klappt an d'Hänn*). Wann e künnt, da muß de mech ruffen. Mein Teller, de stellen ech hier op d'Fénster. E würd en dach do gesinn?

Re'si. O dat schon. Wann en alt nach eppes fir dech an der Hatt behält! Mir wunnen so' weit aus dem Dueref, so' ganz eleng we' aus der Welt. An de Sehne' leit eso' he'ch. Um Enn bleibt den Ieselchen nach dra stiechen. Oder de Neklesche verirt sech.

Änni. Awer Mami! De Neklesche kann sech dach nit veriren. De geseit jo d'Ween all vum Himmel. (*Schméchelech.*) An ech hu mech jo so' brav geschéckt, net, Mami?

Re'si. Jo, mei Schoß, du wars ganz brav.

Änni. Nedu, an da muß e jo kommen. An ech kann
och eso' gutt beden: de Schutzengel, de Glaubegott-
Vatter, d'Vadronser!

Re'si (*streicheleit em de Käppchen*). Meng le'f Mausi! Jo, e
wärd schons kommen.

Änni (*reift sech d'Aen u gâpst*).

Re'si. De Sandmännchen aß erëm do, gelt? De' dech
aus, mei Kand. Ech wiernien der d'Nana an da kënns
de. (*Sie gêt an d'Kummer.*)

Änni. Jo, Mami. (*Si fänkt im d'Schong an d'Huesen
auszeze'en u mirelt dobri*): „Lustig, lustig, trallerallera.
nun ist Nikolausabend da. Nikolaus ist ein guter Mann.“
(*Sie gâpst.*) Awer den Här Neufer aß och e gudde
Mann. An eng Popp kre'en ech sêcher. A vleicht
och nach Lef . . . (*gâpst*) . . . kuch.

Re'si (*an der Kummer*). Baß de fierdeg, Änni?

Änni (*hünkt de Rückelchen op de Stull*). Elo gleich. (*Eit
kuckt nach eng Ke'er nom Teller a nom Kuerf.*) Lustig,
lustig, trallerallera . . . (*Si danzt an d'Kummer.*)

Re'si (*an der Kummer*). Nu schlauf hurteg an d'Hemi.

Änni. Ei, we' gutt wârm!

Re'si. Ech hat der och d'Zill dra gewöckelt. So'. Nu
duckel dech an d'Plaumen bis iwer d'Nues! (*D'Änni
set eppes, wat ên nit verstoe kann.*)

Re'si. D'Vadronser wëlls de nach beden? Hm, du baß
schons ze vill schle'freg, du ge'fs et nach hallef aus-
lößen. A da ge'f de Neklësche mengen, du wëßt et
nit besser. Schloß, schloß ro'eg. Mar bets de d'Vadron-
ser le'wer zwêmol. (*D'Hausdir gêt op an de Neufer
trëtt an.*)

2. Optrëtt.

Neufer, gleich derno d'Re'si.

Neufer (*als Jeer erausstaffe'ert; an der Dir*). 'N Owend!
'N Owend! (*E kuckt sech em.*) 'T aß mol kën hei?
Dat aß mer eng Bud!

(D'Änni set eppes an der Kummer.)

Re'si. Nuecht, mei Kënnchen, Schlaf gutt!

Neufer (wiermt sech d'Hänn un der Kachmaschin). Aha,
d'Härschäfte sin dobannen.

Re'si (trëtt hannerzeig aus der Dir). An dann drëms de
sche' vum Nekleschen, geldu. (Sie ze't d'Dir lues zo'.)

Neufer (moschtert de' jugendlechi Gestalt mat verironnertem
Schmunzelen). 'N Owend, meng le'f Madam, 'n Owend!
(D'Resi dre't sech erfe'ert em, erkennt de Jeer a ste'ßt
e Krësch aus.)

Neufer (stët paff u rerleen; no enger Paus). O Madam
Weber . . .! Hätt ech nëmmen denke können . . .!
Ech hat mech op der Juegd verlaß, an du gung ech
an dat e'schtebeschten Haus, dat ech no langem Siche
font hunn . . . Ech konnt jo nit wëssen, datt dir elei
gengt wunnen.

Re'si (kuckt un em verbei). Dir wärt kaum bleiwe wëllen,
Här Neufer?

Neufer. Aß äre Mann — — ?

Re'si. De Franz aß zum Glück nit hei.

Neufer (hurteg). E bleift lâng fort?

Re'si (och eso'). E kann all Abléck erëmkommen.

Neufer. Sapristi! Sapristi! An ech sinn ballef erlsruer,
an hongreg zum Ëmfalen! Je, da muß ech alt erëm
goen. (E gët op d'Dir zo'.)

Re'si (erlächtert). Jo, gitt, gitt nëmmen.

Neufer (bleift stoen a bekuckt se; mat spötteschem Lâchen).
Also èmmer nach eso' uereg, sche' Madämchen?
Èmmer nach so' (en hieft d'Hand, als wann e wëllt
schloen) nach so' handfest, we'scht, le'ft Re'si?

Re'si. O Här Neufer! Dovu sollt dir nit . . . Gitt nëm-
men, gitt, ma gitt dach.

Neufer. Elo grad nit me'. Elo bleiwen ech. (I' setzt
d'Geuer of a kënnt me' no.)

Re'si (zitt sech zréck). Dir wëllt wirklech . . .?

Neufer. Awer natirlech! De gestrengen Här Gemahil

wärd hoffentlech nit so' onverstänneg sinn, ons de' kleng Ve'relstënnchen ze verdierwen. (*E setzt sech op en Holzstull.*)

Re'si (*erschreckt*). Maria Muttergottes, e bleibt!

Neufer (*schle't d'Bén iwerenaner a betruecht se gemittlech*). Also dir hätt et richteg iwer d'Hierz bruecht, en ârmen, alen, halleferkalte Mann, an derzo' nach so' e gudde Frënd, an deer uerger Wanternuecht virun d'Dir ze setzen! (*E mecht er e Fanger.*) Dir we'scht, we'scht Fra! (*En hält d'Hänn bei d'Feier.*) Ah, dat elo dêt gutt. Elo gëtt et engem ganz hëmelech.

Re'si. Dat kann dach onme'glech êren Êscht sinn. Gitt dach, um Gotteswëllen, gitt dach! Dir sitt jo gleich am Dueref, do fann der iwerall änner, a besser we' hei.

Neufer (*wënkt mat den Hänn*). Nanana! (*E lâcht.*) A wat mecht dann de Franz?

Re'si. Dat elo aß awer ze vill schlecht. We' könnt dir no mengem Mann froen!

Neufer. Tatata! 'T schingt, mer hun nach èmmer dat bekannt feiregt Blutt. (*E setzt de Lorynon op a bekuckt se frech.*) Hm! Eppes me' blêch, och eppes me' spatz. Awer dach nit ze vill! Intressant, wirklech intressant! (*E bekuckt se virun a lâcht.*)

Re'si. Wann dir bleibt, da ginn ech. (*Sie lëft op d'Dir zo'.*)

Neufer (*sprengt flenk op a vertrëtt hir de We*). Halt, halt! De We zur Dir, mein hierzegt Re'si, de fe'ert hei durch. (*E brêt d'Ärm ausenaner.*)

Re'si. Wann dir mech nit goe loßt, da ruffen ech.

Neufer. A wen dann? A wo'fir dann?

Re'si (*außer sech*). Franz! Franz!

Neufer. Den he'ert iech nit. Mâcht iech dach nit so' mitt! Mat dem Jeizen verdierft der iech nach d'Stëmm an den Teint.

Re'si (*lëft op d'Kummer zo'*). Änni! Änni!

Neufer (*pakt s'um Arm an hält se zerëck*). Lues, lues! Huelt dach Verstand un. An ech wëll iech dach nit frießen.

Re'si. Gottogott!

Neufer. Ro'eg, n  mme jett ro'eg. An d'Ae gekuckt,
Joffer, wann iech gelissit, a nit so' vill Fisematente
gem  cht.

Re'si (*f  nkt un ze kreischen*). Mu   der mech dann   mmer
verfollegen! Ech mengen, dir hutt et schons uerg
genug mat eis gedriwen.

Neufer. Nana, Madam Weber!

Re'si. Kuekt iech dach n  mmen all de' Armut hei un!
We' ware mer so' gl  cklech zu Woltz! De Franz hat
de' gutt Opsichterplatz op   rer Fabrik. Reich ware
mer nit grad, ma mir hate v  lleg ze lewen. An dun
hutt der de Franz op   mol fortgejot . . .

Neufer. Dat h  scht, dat h  scht! Verwie  elt d'W  rder
nit, wann iech gelissit. Dir w  sst ganz gutt, dat   re
Franz sech selwer virun d'Dir gesat huet.

Re'si. Jo, jo, e sollt gestuel hunn! Eise Franz an en
De'f! Dir hutt et behapt. Ma dir hutt et selwer nit
gegl  ft. Awer d'Leit, de' ware fro' fir et ze gl  wen!
An 't go'f durch d'Land gedroen. An dir hutt de
Franz entlo  . An du war eises Bleiwas och nit me'
zu Woltz. Du si mer no Insber verzunn, a meng al
H  mecht. Awer do haben s'et och schons gehe'ert.
Du konnt de Franz ne'rens keng Arbecht me' fannen.
A wat huet en alles he'ere missen! O de' schlecht
Leit! Dun eso' fro', eso' gl  cklech! An elo, elo . . .
(*Sie f  nkt un ze kreischen*.)

Neufer (*verleen*). Hm, so' schl  mm w  rt et dach nit grad
sinn.

Re'si (*dr  chent d'Tre'nen un d'Schirteg*). Dach, H  r, eso'
schl  mm a   et, l  der Gottes! Mir sinn um Punkt fir
ze verhingeren An dir sitt et an der Schold, dir ganz
eleng. Dat de Franz gestuel h  tt, dat gl  ft dir jo
nach haut nit.

Neufer. Ech hunn d'S  ch och nit virun d'Ger  cht bruecht.
Ech wollt iech w  rklech nit we' dinn.

Re'si. Ech w  rd dach w  ssen, wo'fir dir dat gem  cht hutt.
Gitt n  mme, gitt! Dir sitt de Schlechste vun en all.

Neufer. Madam Weber, d'No't m  cht iech ongerecht.

Re'si (*streckt d'Hänn no em aus*). Här Neufer, eise Franz
dêt mer so' led. Soß war de Jong so' lëschteg, so'
voll Spâß we' d'Läk voll Ierzen. Gesongen a geflêt
huet en we' e Pilo. An elo! Elo hockt en hei de
le'we lângen Dag, rëtscht yum Stull op d'Bänk, vun
der Bänk op de Stull a mëcht neischt ewe' brommen
a kno'teren oder virun sech hi stîrken. An ech hunn
dat e'scht nach le'wer we' dat anert. An da kommen
och Deg, do lëft e mer aus dem Haus a kënnt nit
hêm bis de'f an d'Nuecht eran. A we', heiendo!
Fre'er war de Franz enîchter we' e Kand. An elo,
elo kënnt e muenchmol an en aß . . . bedronk . . .
(*Sie kreischt.*) An dat, dat ge'f dat Schrecklechst, wat
ech mer dënke kann.

Neufer (*stêt we' op Där*). Wann ech némme wëßt, we'
ech hëllefe kënnt!

Re'si. Ech kann dem ârme Jong kê gro'ße Virworf
mâchen. Den e'erlechste Kierel vun der Welt an op
d'Stroß gesat we' de gre'ße Spëtzbo'f, we ging do
nit aus senger Ro' kommen! O Här Neufer, dir mußt
dach haut selwer wëssen, daß de Franz kên De'f aß.

Neufer. Ech gestinn et an, ech ka mech geirt hunn!

Re'si. O jo, nedir! Ma da kënn der de Franz jo och
erëm . . .?

Neufer (*fro'*). Awer natirlech! Mat dausend Frêden!

Re'si (*lues*). E verkönnt mer soß nach ganz.

Neufer. Wann de Franz wëllt, muer kann e schons
erëm bei mir antreden.

Re'si. Aß dat iech êscht, Här Neufer?

Neufer. Mein hellegsten Êscht, Re'si.

Re'si. Ech durf iech wîrklech glêwen?

Neufer. We' dem Popst. 'T huet mer schons oft led
em iech gedunn.

Re'si. An . . . alles . . . wat virgefall aß . . . dat soll
vergieß sinn?

Neufer (*höllt hir Hand*). Dat mat dem Franz . . .? Ma
duerun denken ech jo guer nit me'.

Re'si. Dat net eleng . . Och dat, wat zwëschen eis,
zwëschen iech a mir . . Mei Gott, Här Neufer, dir
wëßt jo, wat ech mengen.

Neufer (*lâcht gezrangen*). A eso', dir mengt dat?

Re'si. Maja, dat mengen ech. Et dêt mer jo och so' led.

Neufer (*streicheleit hir Hand*). Dat aß brav! Dat aß brav!
O dir wärt mech dat schons vergieße loßen. Nit
wo'er, mei le'ft Re'si, nit wo'er?

Re'si (*sicht hir Hand frei ze kre'en*). Ech verstinn iech nit.

Neufer. Wat aß dann och dobei ze verstoen? Duerzo'
gehe'ert jo nëmmen e klenge gudde Wëllen. An eng
kleng Grëtz Le'ft.

Re'si (*kritt hir Hand frei*). Här Neufer!

Neufer (*schmêchelech, wârm, zelescht iwerdriwen sentimental*).
Lauschter, mei Kand, lauschter. Kuck, Re'si, ech si
bei all mengem Reichtum dach nëmmen en ârmen,
ârme Mann. . . Jojo . . Dat wollt ech der demols
och schons soen, mä du hues mech jo guer nit uge-
he'ert. En ârmen, ârme Mann ganz o'ni Frêd. Meng
Fra getre'scht, et wor nit de' bescht, si huet mer
d'Liewen schwe'er genug gemâcht. Elo kann ech dat
jo soen, si aß do't an ech sinn eleng, o'ni Fra, o'ni
Kanner, ganz, ganz eleng. Ech ginn al. Ech breicht
e we'neg Frêd, e we'neg Wiermt. An du, Re'si, ge-
so'ch ech dech. So' jonk, so' le'f an eso' frësch we'
eng Pijebble' an der Fre'jorsson. D'Ae gonge mir
iwer an d'Hierz gong mir op. An ech sinn an êrt
Haus komm.

Re'si (*we' fir sech*). Wann de Franz nit dohem war.

Neufer. Ech hu gehofft, du kënns mir e we'neg Licht
a mengt Lêd droen, mir e Stëck vun der Jugend
erëmbrengen. Mä du . . du . . O Re'si, dat war nit
le'f vun dir.

Re'si. Ech konnt dach d a t nit mâchen. Ech durft dach
nit.

Neufer. Du breichs et jo nit fir neischt ze dunn. Dei
Franz kritt erëm eng gutt Plätz, de' bescht, de' ech

him verschafe kann. A fir êrt klenkt Medchen aß och gesuergt. Ech wärd et nit vergießen. Du wêß, ech hu keng Kanner.

Re'si. Gottogott! Frot dach ëppes, wat ech mâchen durf.

Neufer. A wurfir solls du dat nit durfen, mei le'ft Re'sichen? Du baß dach frei ze mache, was de wëlls . .

Re'si. Nên, o nén!

Neufer. . . a wat d'Hierz der set.

Re'si. Mengt Hierz set mer eppes ganz anesch.

Neufer. A kuck, 't gëtt jo och kën et gewuer. Mir hänken et de Leiden dach nit op d'Nues. An dei Mann brauch och neischt dervun ze wëssen.

Re'si. Ech mache keng Hêmlechkête. Ech hunn der ni gemâch.

Neufer (*verle'ert sang Söcherhét bei dem ro'eye Widerstand*).
Mei le'ft klenkt Re'si, ech hunn dech eso' gier.
Nëmmen eng Ke'er. Hauten Owend. Mir sinn eleng.
'T ste'ert eis kên.

Re'si. Eist Änni!

Neufer. Dat schle'ft. D'Kanner hunn e gudde feste Schlof.
O du mei le'ft, le'ft Re'si.

Re'si. Loßt mech goen! Loßt mech goen! (*Sie ste'ßt sein Arm kräfteg zerëck a streift sei Gesicht mat der Hand*.)

Neufer (*an enger plötzlecher Roserei*). Geschloen! Rëm eng Ke'er geschloen. Wart, o wart! Des Ke'er gëß de mech nit eso' hurteg laß. Du! Du!

Re'si (*wiert sech*). Nên! A lén!

(*An dem Ablëck he'ert ê run dobaußen Gesank run enger Mânsstëmm*.)

Re'si. De Franz! Dat aß de Franz! (*Sie reißt sech laß a lëft op d'Dir zo'*.)

Neufer (*keicht, voll Onro'*). Huel der Deiwel de Pak!

Re'si (*huet sech besonnen a kënnt erëm*). Wann en iech gleich geseit, da gëtt et en Onglëck. O Jesus, wat solle mer mâchen?

Franz (*sëngt; 't he'ert ên, dat e se'er me' no kënnnt*). „Kommt hier aus Frankreich, Belgie, Preisen, mir wöllen iech ons Hëmecht weisen . . .“

Re'si (*drängt den Neufer zur Kummer hin*). Nëmmen hurteg do eranner. D'Klengt schleift. Halt iech ro'eg bis ech ruffen.

Franz. „ . . . Frot dir no alle Seiten hin . . .“

Neufer (*an der Dir*). "T kann ên nit durch d'Fënster eraus ?

Re'si. Nêñ, 't aß nëmmen eng schmuel Lîchtehen.

Franz. „ . . . We' mir eso' zefridde sin.“

Re'si. An halt iech ro'eg, em Gotteswëllen ! (*Sie zitt d'Dir zo'.*) Muttergottes, ste' mer bei! (*Sie lauschtert, gét bei d'Maschin, hëllt d'Dëppen, schëtt d'Waifer of, setzt d'Dëppen erëm op, let Holz no a bleift stoen, wo' bei se an der Opregonk mat den Hänn un d'Schlef fiert. Op êmol möcht se e Saz vu Schrecken.*) All dir Hellegen, d'Flënt ! (*Sie wëllt op d'Gewer, dât bei der Bünk stêt, laß, mä an dem Ablëck fleit d'Dir op.*)

3. Opträtt.

Re'si, Franz.

Franz (*bleift virun der Dir stoen u möcht mat verstalter Stëmm*). Miaumiaumiau ! Wauwauwau ! Wo' aß dat we'scht Medchen ? Era mat em an d'Hatt ! Huhu ! (*Am natirlechen To'n, we' wann en ên ge'f fortjoen.*) Wëlls de dech wuel durch d'Peif mâchen, du latzigen Husigerbock ! Fort mat der, du Stenkert ! Do ! Do ! (*E ste'bt mam Fo'ß gent d'Mauer a lâcht.*) O mei, we' de lëft ! Kuck emol e Mënsch ! (*En trëtt an d'Dir, den Hutt kwësch um lënken O'er, ënner jidder Arm zwé Pück ; en uß nit ganz sëcher op de Bén, an 't geseit ên him och soß of, dat e nit ganz eleng hëmko'm.*) Guckguck ! Wo' aß dât bravt Maiselchen ? Klinglingling ! (*E wérft d'Dir mam Fo'ß an d'Schlaß a planzt sech gretschebengches, wann och eppes wackeleg, an d'Kitchen ; zum Re'si, mat ongeheirer Abilleng.*) Hehe,

we stêt hei? Bejour, Madam Weber, oder besser
Bosoar!

Re'si (*muß bei aller Onro' lâchen*). Nu so emol, Franz,
we' kënns du haut eräm hêm?

Franz. Hehe, Madam, hehe! (*E let seng Pück op de Stull*.)

Ätsch, elo hunn ech mech awer al mitt geschlêft! Aß
d'Änni nit hei?

Re'si. D'Änni schle'ft schons. D'âremt Këndche war
êmol ze vill mitt. An du baß eso' lang nit komm!
Ma, wo' kënns de zo' all dene Sâche, Franz?

Franz. Pa, de' hunn ech dem Nekleschen aus dem Sak
geholl, du dommt Stêck. Hehe, elo künnt de Virwëtz
eraus! Dir gingt gêren êr Nießen dra stiechen, gelt,
Madam? Erst zahlen, meine Herrschaften, erst zahlen!
E Mënni, Re'si, e Mënni! (*En eruëscht se beim Kapp
a këfft se*)

Re'si. Geck do, ge' dach! A wat aß dann eigentlech
laß, Franz?

Franz. Ma guer neischt, Madam, guer neischt! Ruhe,
meine Herrschaften, Ruhe! Die Vorstellung wird gleich
beginnen. — Pst! Pst! (*E möcht eng Këscht op*.) Wat
hunn ech elei, he?

Re'si. A wo' kënns du nämmen zo' der sche'ner Popp?

Franz (*hieft d'Popp an d'Lâcht*). Jo, eng Popp! Mä
wärrech, eng Popp! A nach well eng de' d'Ae ver-
dre't! Kuck, de reiche, bloen Hutt! An de sche'ne
ro'de Räckeli! An de' Schingercher! De' Strëmper-
cher! De' Spëtzercher! Nette Kleine, Re'si, was?
(*E pëtzet se an de Bak*.) Nette Kleine, haha!

Re'si. Jojo, du Laffa. Awer nu so emol . . .

Franz. Pst, Madam! (*E möcht den zwête Pak op*.) Alle
guten Geister loben Gott! (*E weist*.) Guck emal!
Guck emal!

Re'si. Schokela! Figen! Leîkuch!

Franz. Alles fir meng kleng Naschelesch. Awer de' gro'ß
Naschelesch kritt och mat. Hoho, an elo, Madam, lo reift
mer mol êr blo Fënstercher bei den Affen op. (*En*

höllt den drëtte Pak.) Drei ist göttlich ! (*Mat den entspricchende Gester.*) Eeh sinn e großen Hexemëschter. Eselein, streek dich ! Tischlein, deck dich ! (*En tippt mam Funger ge'nt d'Këscht.*) Berg Semli, tu dieh auf ! (*En hieft den Deckel op.*) A fir wen aß dat elei ?

Re'si (*schle't d'Hänn um Kapp zesummen.*) Eng Moff ! E Pelz ! Mä du baß ganz geckeg ginn, Franz !

Franz. Keng Belëdegonk, Madammeken ! Ëmmer he'flech, Re'seli. Dat elei, dat aß fir eis le'f Frächen, fir de' brav (*an ëmmer me' he'gem To'n*), de' schlecht, de' nett, de' uereg, de artelech, de zockerse'ß Madam We . . . e . . . e . . . ber !

Re'si (*wëllt em an d'Red falen.*)

Franz (*an dem seliren To'n*). Domat botzt sech d'Madam Weber, wawn se Sonndes no Insber an d'Ho'maß gët.

Re'si (*füllt em an den Arm*). Jojo ! An elo hunn ech des grad genug, Mann ! Wat huet dat êgentlech ze bedeiten, Franz ?

Franz. Êgentlech gëtt et hei kê Mann an och kê Franz. Achtung, gnädige Frau ! Vor Ihnen steht — jo, reiñt êrt Ro'semeilchen nämmen op bis zo' den O'eren ; jo, meng le'f Madämchen, halt iech nämmen um Dësch fest, dat er nit hannerzech op d'Nues falt. (*E wérft sech an d'Broscht.*) Vor Ihnen steht Herr Franz Weber, zur Zeit wohlbestallter Privatförster des hochachtbaren Notars Lang von Wiltz . . .

Re'si. Je, du hues haut erëm des Gudden ze vill geholl. Du solls dech schummen.

Franz. Mau . . . Mund halten ! Ausreden lassen, bitte ! . . . mit Sitz und Bett auf Hof Burgfried, jenseits der Sauer, drüben. Hehe, a wat ses de da nu, Re'si ?

Re'si. Um Burfelt ? Dat kann nit sinn. Dat wir ze vill sche'n !

Franz (*grunzt run Zefriddenhêt*). Uong ! Uong !

Re'si. Da sëtz dech endlech dach, Franz. An dann erziels de. Soß kann ech dir jo neischt glêwen.

Franz (*sëtzt sech*). Kuck emol de' virwëtzeg Fraleit !

D'Zong fällt der gewëß bal eraus, he? (*En zitt et un sei Kne'*.) La, la! Stoe bleiwen, an d'O'ere gespëtzt.

Re'si (*steipt sech op dem Franz seng Schëller, ke'ert d'Gesicht ge'nt d'Kummerdir a möcht er hémlech eng Fauscht*). Daje! Da mäch endlech mol virun. Ech vergaddere bal.

Franz. Haha, da loß mer alt mol ufänken. Also, do gung ech der jo haute Mueren hei fort fir op Woltz. Fochswëll, ech soen der. Ech hätt d'Stäng zergrätschen, d'Wolleken hätt ech uspeize können. An nu denk der emol, wen ech do gleich vu fêren bege'ne muß! Wen? Den ale Neufer!

Re'si (*fiert zesummen*). Den!!

Franz. Gelt, do fêrts de schons! Mä de' Lomp war mer ze weit eweg. Un der Mille gong e grad verbei, dem Bësch zo', mat der Flënt um Rëck. Hätt ech e viru mer gehat, so' ganz eleng tëschend ve'er Aen, ech soen der, de Biereg wär en erofgeflunn, bonzënne bonzuewen, bis en seng Knachen an der Sauer ze summegesicht hätt . . .

Re'si (*zëßt en*). Jo, jo, Franz. An du gungs de virun?

Franz. Richteg. An du gung ech virun an ech ko'm no Woltz. Ech gung ênzoock bei de Schmittgen, op e vleicht eng Hëllef künnt brauchen op senger Gier-werei. Do ko'm ech der awer sche'n un! So' ên, du wëß schons, künnt he nit brauchen an ech sollt eng Dir weidergoen. (*rosen*) De knaschtege Neufer! Ech dre'en em dach nach den Hals em.

Re'si. Gewëß, Franz. An du?

Franz. Jo, an du gung ech bei en anere, natirlech. Bei den dëcken dämpge Felten, wëß de, den èmmer "Mbff!" möcht, wann en d'Zänn ausenanerbretzt fir ze schwätzen. A bei dem gong et mer grad eso'. "Arbecht . . . mbff . . . wëlls de . . . mbff . . ." "Weber . . . mbff! Fir dech . . . mbff . . . hunn ech . . . mbff . . . keng . . . mbff . . ." An den Dëck-pänzert huet mech richteg eso' zur Dir erausgembfft! A menger Roserei hunn ech um Enn mißt lâchen

an ech dre'ne mech em. „Laf du mir . . . mbff . . . de Bockel . . . mbff . . . eran . . . mbff!“ so' hunn ech em an d'Fiselemin gespruddelt a si gelaſ. Ech soen der, den huet seng Dir zo'geworf, et huet durch d'ganz Stroß gedubbert.

Re'si (*lächte*). Du alen, ale Geck!

Franz. Jo, an du hunn ech d'Geschicht schons erem fir verluer gin. Hei bege'nen ech beim ale Schlaßkreiz dem Notär. Den Här Lang war eis, du wêß, èmmer gutt gewies. A wann en demols hätt hellefe können, en hätt et gedunn. We' e meeh geso'ch, blo'f e stoen a sot: „Hei de Webesch Franz! A we' gêt et?“ Ech sot: „Schlecht, Här Lang“ an ech hunn em eis No't geklot. Du sot hen: „Kommt, Franz, gitt mat mer hèm!“ An ech gong mat. Ènnerwe erzielt e mer, den Ambros wëllt net me' um Burfelt bleiwen; wat ech zu so' enger Plaz ge'f soen? Ufangs duecht ech, ech hätt nit gutt verstanen. Awer du sot hen nach eng Ke'er, wann ech wëllt, da kënnt ech sei Fieschter um Burfelt ginn. Ech soen der, Re'si, vu Frêd sinn ech dun an d'he' Lücht gesprongen, eso' he'ch.

Re'si. Ech wär mat gesprunge, Franz, wann ech bei der gewießt wär.

Franz. Ma natirlich. An du ko'me mer an sengt Haus, do go'f d'Sâch da ganz richteg gemâcht. An e Glas Wein hunn ech mißt drënken, an e Stéck Ham a gekachte Ke's hunn ech mißt ießen. O Re'si, den Här Lang, dat aß der mol e feine Mann!

Re'si. Dat wëll ech mengen. We' de sinn der nit vill.

Franz. Jo, a we' alles ofgemâcht war, du frot e mech, ob ech eppes Geld hätt. „Kê ro'de Le'männchen“, hunn ech gesot, „an dat schons lang.“ Ma wo'vu mer da geleift hätten, frot en. „Vum Ierger a vun drëche Gromperen“ hunn ech gesot. Ob seng Madam mer dann eppes dirft matginn fir dech a fir eist Kënni? „O merci villmol!“ hunn ech du gelächte. An dat, Re'si, dât stécht do an der leschter Këscht. Eng ganz hallef Kirmes aß et, du kanns mer et glêwen: Ham a Wurscht an och nach e Stéck Schweizerke's.

Re'si. O Gott, da kann eist Änni sech mol rem ynn
Hierze sat ießen! Schweizerke's huet et fir sei
Liewe gêr.

Franz. A mir de Rescht, nedu? (*Si lächen.*) O, an ech sinn nach nit fierdeg. O jëmme nén! We' ech du wollt goen, du huet den Här Lang an d'Täsch geograff an de Portmonni gezunn a mer en hârt ro'd Zwanzeg-markstéck an d'Hand gedräckt. „Dat aß d'Hareng“ huet e gesot. A vun all dem, wat de Neufer iwer mech ausgebrêt hätt, ge'f e nit de' Bo'n glêwen. Mei Papp wär èmmer en e'erleche Mann an en treie Fieschter gewest, an ech wär och en e'erleche Kierel. An dat, Re'si, dat huet mer gutt gedunn, bis erof an de' dëck Ze'f. Dat war alles jo zevill sche'n an 't ko'm so' ganz onerwart. An du sinn ech spuerestrêchs d'Gâß eropgelaſ a bei Reckingesch an. Do hunn ech du dat alles kaft. An elo hunn ech der alles erzielt.

Re'si (*kößt en*). O Franz, du baß awer e gudde Jong.

Franz. Dat w  lle mer gl  wen! (*Aus der Kummer k  nnt en Ho'scht, de mat Gewalt zer  ckgehale g  tt.*) A wen ho'scht dann eso'?

Re'si (*voll Angst*). Eist Änni. We soll et soß sinn?
D'Kand huet sech eppes erkalt.

Franz (*st t op.*). "T a  dach neischt gefe'erleches? (*E
w llt op d'Kummer la *)

Re'si. 'T aß glat neischt. Bleif nümmen hei, loß d'Kand
schlofen.

Franz. Ech mißt em awer de' sche' nei Popp weisen.

Re'si. De' durf et ere'scht mar de Muere fannen. De Neklesche brëngt se jo hënt.

Franz Richteg! Richteg! Wo' hat ech meng Gedanken?

Re'si. A we' baß de nun erêm kom, Franz? 'T war gewëß e greißleche We?

Franz. En Hondswe, ech soen der. Eng Kielt, 't huet we' mat Selle gepickt! An e Wand, fir engem d'Sel aus dem Muerech ze blosen! Bis bei de Fridchen zu Insber hunn ech et gepackt. Ma do loß et mech nit verbei, do hunn ech mißt eran. An du hunn ech eng e'scht

gepëtzt fir mer d'Hierz ze wiermen. An eng zwêt, fir op dem Här Lang seng Gesondhêt. An eng drëtt, fir op deng Gesondhêt. Re'si. An du natirlech och eng op meng Gesondhêt.

Re'si. Nun hal awer op. Soß gëtt et deer Gesondhêten zevill an 't wérft deeh nach em.

Franz. Hehe ! Awer du goß et mer bedeitend besser ; du goß eeh lëschteg. An eeh sinn der de Bierg erop-gânge we' op Flileken. A gesongen hunn eeh der we', we' en Engel. (*D'Re'si lächt.*) Hunn eeh nit sche' gesongen ? Eise Paschto'er schnarrt dergeint we' e Rommelspott. He'er emol ! (*E sëngt, a natirlech falsch*):

„Kommt hier aus Frankreich. Belgie. Preisen,
Mir wëllen iech onst Hëmecht weisen.

Re'si (*sëngt mat, an engem stölle Glück*):

Frot dir no alle Seiten hin,
We' mir eso' zefridde sin !“

Franz. Hoho, Re'si ! Juhu, Frächen ! (*En emärbelt se.*)

Re'si (*gëtt em eng op d'Hand*). So' en domme Kierel !

Franz. En domme Kierel ? Wat ? Ah, du Trotz ! Tata, we' großarteg ! Wârt du, mein Äffchen ! Kreische soll der, Madam, kreische vu Frêd, danze vu Le'lt, sprange vu Glück. Hohopp, Frau Försterin ! (*E pakt se.*) Hoplaho ! (*En dre't sech mat erën. Dobei schle't dem Re'si sei Rack ge'nt d'Flënt a wérft s'em.*)

Franz (*ganz verworren*). Donnerknippchen, eng Flënt ! Mäwärrech, eng Flënt !

Re'si (*an heller Angscht*). Eeh muß der soen, Franz . . . (*D'Kummerdir gët lues op ; de Neufer streckt de Kapp eraus, kuckt an ze't sech erën kurteg zerëck.*)

Franz (*gëtt op emol ganz enichter*). Wo' kënnt de' Flënt hier ?

Re'si. Ma bleif dach me' ro'eg !

Franz (*jeizt*). Wem aß de' Flënt ?

Re'si. Jeiz dach nit eso' !

Franz (*brëllt*). De' Flënt ?

Re'si. T aß dem Neufer seng, do wëß d'et.

Franz. Dem Neufer! Wo' aß den?

Re'si (*ganz se'er*). En hat sech op der Juegd verirt. Du ko'me mir an d'Haus eragefall. Ech kann nit derfir.

Franz. A wo' aß en dann elo? Aß en nach hei? Wo' stécht en?

Re'si. Du darfs em neischt dunn!

Franz (*brüllt*). Wo' aß en?

Re'si. An der Kummer.

Franz. An der Kummer!

Re'si. Bei eisem Änni. Ech wollt nit, daß d'ne gleich gese'chs.

Franz. An der Kummer! Den Hond! (*E spröngt op d'Beile laß, pakt et a wärft sech op d'Kummerdir. Vu bannen stemmt ë sech derge'nt.*) Des Ke'er muß en dru glêwen.

Re'si (*sicht en zerëck ze halen*). Franz! Franz! Mâch dat nit!

Franz. Op d'Seit! Wêß de nit, wat den Hond eis ugedunn huet?

Re'si. Vergreif dech nit un em!

Franz. Wêß de nit me', wat de knaschtegen Tipp vun dir gewollt huet? Wârt, o wârt! (*En drëckt ëmmer me' wëll un der Klensch,*)

Re'si. Mâch eis dach nit all onglücklech, Franz!

Franz. Den dobannen gött fir d'e'scht kal gemâcht. (*En drëckt ge'nt d'Dir. 'T he'ert én de Neufer keichen,*)

Re'si. Franz! Franz! Mei le'we Franz!

Änni (*aß vun dem Geros hallef erwächts a fänkt un we' am Dram ze schwätzen*.)

Franz. Mâch dech rësfierdeg. Lo fo'ren ech niat der, du Lomp! (*D'Dir gött lues a lues no. De Franz wëllt sech abretzen.*)

Änni (*bet*). Vater unser . . .

Re'si. Eist Kand! Du gere'ts nach eist Kand!

Änni. . . . dein Reich. Dein Will geschehe . . .

Re'si. D'Änni bet! He'ers de, Franz?

Franz (*möcht halt a muß lauschteren*).

Re'si (*zitt en eppes zeréck a rijjt an d'Kummer*). Verstoppt
iech hanner'm Bett yum Kand!

Änni. . . . Unser täglich Brot gib . . hente . . .

Franz. De Ligner huet eis et gestuel. (*E wëllt an
d'Kummer*.)

Re'si (*hält en*). De le'wen Herrgott huet eis et erën
ginn. Vergieß dat nit, Franz.

Änni. . . . Vergib uns . . . Schuld . . .

Re'si. He'er, wat d'Änni set! (*Sie wëllt om d'Beilen aus
de Fangeren ze'en. De Franz réselt wëll de Kapp.*)

Änni. . . . Führ uns nicht . . Versuchung . . .

Re'si (*feierlech fest*). . . . Sondern erlöse uns von allem
Uebel. Amen! Komm zo' der, mei Jong!

Franz (*fiert mat der Hand iwer d'Stir a schuddert sech*).
"T aß dach ze domm! (*D'Beilen trëllt em aus der
Hand*.) Ze vill domm! (*E fällt op e Stull a let de
Kapp ma'm rechten Arm iwer de Stullrëck*.) Elo brëngen
ech et nit me' fierdeg. (*E wärft de Kapp op dem Arm
hin an her a schle't sech mat der lénker Hand op de
Kne'*.) O Änni! Änni!

Re'si. Gott sei Dank an der hellegger Muttergottes! (*Sie
lejft an d'Kummer. T he'ert ë pësperen. Sie kënnt erën
an drët d'Anni um Arm. D'Kand reift sech d'Aen.*)

4. Opträtt.

De' Vireg, Änni.

Re'si. Ännichen, kuck emol, de Nekleschen aß schons
den Owend komm. De Papa huet e matbruecht. Gëff
dem le'we Papa e Münni a so em Merci!

Änni (*récht mat den Hännerchen no'm Franz*). Papa!
Le'we . . . (*gapst*) . . . Papa! (*Op emol geseit et d'Popp.*)
Eng Péppi! Eng Péppi! (*Et rëtscht der Mamem zum
Arm a sprëngt op d'Popp duer.*)

Re'si (*gët erën an d'Kummer*).

Franz (*stirkkt iwer den Arm eweg an d'Feier*).

Änni (*mat der Popp*). O wat e sche'nen Hutt! O wat lâng Hoer! Kuek emol, Papa! De' aß nach me' sche'n we' do' yum virege Joer. O, a si verdre'nt d'Aen! O, o, si kann se wirklech verdre'nen. O me! O me! De' darf mer nit falen. De' kritt kên an d'Hand, kên, glat kên. O du meng nei, le'f, sche' Pëppi! Kuek emol, Papa! Ma da kuck och!

Franz (*drént de Kapp zo' dem Kand hin a set ganz wêch*): Gelt, meng Maisi, do kanns de mol erem fro' sinn. (*E setzt et op sei Kne'*.)

Änni. Ojo! Ojo! Awer ech hat och gutt gebet. Has de nit gehe'ert, Papa, we' ech so' gutt gebet hunn?

Franz (*drückt et fest un sech*). Gewëß hunn ech dech he'eren. Du kanns d'Vadronser mol gutt beden. Ech hat et nach ni so' sche'n he'eren.

Änni. Nedu. Duerfir huet den Nekleschen mer och so' eng ganz sche' Popp bruecht.

Re'si (*könnt aus der Kummer, wérft e Blëck iwer de' zwé, ke'ert sech em, let de Fanger op de Mond a wénkt*).

Neufer (*trëtt aus der Kummer*).

5. Oprëtt.

De' Vireg, Neufer.

Änni. Papa, ech mengen . . . Hues du e nit och gesinn? Ech menge ganz, den Nekleschen war wirklech a menger Kummer. E stung bei mengem Bett.

Re'si a Neufer (*schleichen op den Ze'wen hannert dem Franz sengem Rëck op d'Dir zo'*).

Franz (*fiert beim leschte Würt vum Kand op, we' wann en sech ging un eppes Schlëmmes erënneren*). Den . . . !

Änni. An en hat jo eso' e sche'ne lânge Bart, grad we' den Här . . . den Här Neufer vu Woltz.

Franz. Ha! (*E kuckt op d'Kummerdir a geseit, daß s'opstët*).

Re'si (*un der Hausdir, greift d'Klensch a rïfft dem Neufer*). Hurteg, némminen hurteg!

Franz (*geseit en, setzt d'Kand eroj, spröngt mat engem Soz op de Neufer laß, pakt e mat der Scheller a reift en erëm zrück*). Hei gebliven! Du!

Änni (*geseit en an dët e Kresch*). De Nekleschen! (Si läfft erbei.) O Papa, loß dach den hellegen Neklesche goen.

Neufer (*tuddelt vun Angscht*). Dir wärt iech dach nit u mir vergreifen!

Franz (*hellt e beim Krag a rëselt en*). Wat käeks de do, du al Pëll!

Neufer. Ech brëngen iech virun d'Gericht.

Franz. Ech peif der op dei Gericht an op de ganze Krom. Gericht! Wir dât onschëlllegt Kand hei nit gewießt, da wärs de schons gericht an den Ierd-buedem hätt eng Lomp we'neger ze droen. "T wär jo natirlech eng Dommhët gewießt. (E rëselt en.) Nêñ, du wackeleg Maschin, de' Ke'er gët et der nach nit un de Kessel! Fe'loder, wat Leis! Op d'No't vum ârme Mann spekule'eren, d'Kanner an d'Onglëek brëngen, d'Fraen . . . Nondikaß, wat e niddeträchtege Butek! (E rëselt en ëmmer me' wëll.) Mâch d'Dir op, Fra. Weit op, so' weit we' et gët. Dât stënkt jo wirklech no dem dreckege Neimierder. Här Neufer, ech mâchen elo mat iech, we' dir zur Zeit mat mir. Io le'er der och emol fle'en. Hoppla hopp! (E wérft e mat engem kräftege Ruck virun d'Dir.) D'Erëmkomme wärt der wuel vergieße! (E geseit d'Flënt, hellt se a wérft se no.) Do, de Fisek huel och mat. Vleicht wëllste der selwer eng blo Bo'n virun de groen Aïlekapp sehe'ßen! Nuecht! (E möcht d'Dir zo' a spärt of.)

Re'si (*falt d'Hänn*). Gott sei Dank!

Änni. Papa, war dat den Här Neufer? Ech hat geduecht, 't wär de Nekleschen.

Franz (*fiert em mat der Hand iwer de Kapp*). Mei leift, leift Änni! (E weist op d'Këscht mat de Sëßegkëtten.)

Änni (*dët e Kresch a stürmt drop laß*). Oh! . . . Lefkuch!

Re'si (*dët och e Krësch*) O Jëses, meng Grompere sinn
ugebrannt! (*Sie lëft bei d'Kachmaschin an hante'ert
ganz verzweiwelt.*)

Anni. . . . Schokela! Zockerbo'nen! Oh! Oh!

Franz (*lächit, reckt sech a streckt sech fro' a rijft*): An elo,
meng le'f Kanner, elo gëit Neklosowend gefeiert!

